REÇU
Par Magda Santos , 15:44, 12/02/2021



PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Monsieur
Fernand Etgen
Chamberspresident
19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Lëtzebuerg, den 12te Februar 2021

**Ufro Heure d'actualité iwwert d'Organisatioun vun der ëffentlecher Sécherheet**

Här President,

Dem Artikel 87 vum Chambersreglement entspriechend, maachen d'Piraten eng Demande fir eng Heure d'actualité, fir iwwert d'Organisatioun vun der ëffentlecher Sécherheet op der Place publique ze schwätzen.

Vill Diskussioune ronderëm d'Sécherheetsgefill vun de Biergerinnen a Bierger an der Stad an och op anere Plaze fannen aktuell statt. Et ginn ëmmer méi drastesch Moossname geholl, wéi zum Beispill den Asaz vu private Sécherheetsfirmen, fir d'Sécherheetsgefill bei de Leit ze stäerken, mee maache mir domat eis Stied an Dierfer méi sécher a respektéiere mir nach de Kader vun den aktuelle Gesetzer?

An deem Kontext an op Basis vum Gesetzesprojet n°7126 vum August 2017, biet d'Sensibilité Politique Pirate drëms, mat den anere Sensibilitéiten a Fraktiounen an dem zoustännege Minister am Kader vun enger Heure d'actualité iwwert dës Themen an enger vun den nächste Séance Publiquen ze diskutéieren.

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député